LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°5432 du 24 décembre 2021 de Monsieur la Député Fred Keup au sujet du recensement national 2021**

Op Grond vun den Informatioune vum Statec ass et méiglech dem Här Deputéierte follgend Äntwerten op seng Froen am Kader vun der Vollekszielung 2021 ze ginn:

**Zur Fro 1**:
Am Kader vun der Vollekszielung kënnt d'Informatioun, ob eng Persoun e Mann oder eng Fra ass, aus dem nationale Register vun de physesche Persounen. Dat groussherzoglecht Reglement iwwer d'Vollekszielung (Règlement grand-ducal du 30 juillet 2021 prescrivant un recensement général de la population, des logements et des bâtiments du Grand-Duché de Luxembourg au 8 novembre 2021) gesäit dat explizitt esou vir. De Statec kritt dës Informatiounen also op déi Manéier fir déi ganz Bevëlkerung.

D'Fro zum Geschlecht ass am elektronesche Questionnaire aus praktesche Grënn am Ufank gestallt gi well sech duerno den Affichage vun dësem dynamesche Froebou un de Profil vun der Persoun upasst. Esou gouf zum Beispill nëmme bei de Fraen duerno och d'Fro iwwer d'Zuel vu lieweg gebuerene Kanner gestallt. Am Formulaire an der Pabeierversioun gëtt dofir och ausdrécklech dorobber higewisen, datt d'Fro iwwer d'Zuel vun de lieweg gebuerene Kanner nëmme sollt vu Frae beäntwert ginn.

**Zur Fro 2**:
D'Iwwersetzunge vum Froebou an déi verschidde Sproochen ass vun enger spezialiséierter Firma gemaach ginn. Bei der Fro wéi eng Schoulen eng Persoun gemaach huet ass de franséische Begrëff „études" wuel mat „Studium" oder „Studien" iwwersat ginn, allerdéngs ass am Questionnaire präziséiert ginn, datt sech déi Fro op di gesamt schoulesch Niveaue bezitt.

Leit déi Froen zum Questionnaire hate konnten de Statec iwwer Telefon oder Email kontaktéieren. De Statec hat e puer Ufroen am Zesummenhang mat der Fro iwwer d'Studie kritt, esou datt den Impakt – wann iwwerhaapt - op d'Korrektheet vun der Vollekszielung op deem bestëmmte Punkt däerft limitéiert sinn.

**Zur Fro 3**:
D'Formuléierung vun dëser Fro gouf vum Statec an Ofsprooch mam Educatiounsministère gemaach. De Begrëff „BAC" ass am Volleksmond geleefeg, esouwuel bei der Lëtzebuerger ewéi och bei der auslännescher Populatioun hei am Land.

Luxembourg, le 25 janvier 2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot